PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 SEP. 2019
1259

Lëtzebuerg, den 27/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Bannenzeg Sécherheet, Interieur & Kultur weiderzeleeden.

Esch/Uelzecht ass awunnerméisseg déi zweetgréisste Stad an eisem Land. D'Minettemetropole ass eng Stad mat vill Geschicht a Kultur a gläichzäiteg eng Stad op der Sich no enger neier Identitéit. An der Transitiounsphase nom Réckzuch vun der Stolindustrie versicht d'Stad sech selwer eng nei Identitéit ze ginn. An dësem Kader spillt natierlech Esch2022 eng wichteg Roll, well mam Projet vun der europäescher Kulturhaaptstad Esch seng Identitéit als hip, modern a kosmopolitesch Stad weiderentwéckele soll.

Allerdéngs ass Esch aktuell net fir seng Kënschtler– a Kulturzeen bekannt, mee virun allem fir d'Onsécherheet a Kriminalitéit. Et brauch ee keng zwou Persounen an der Stad ze froen fir festzestellen, dass d'Perceptioun vun der Sécherheet zu Esch miserabel ass. Ob Drogenhandel, Gewalt am Alldag oder Déifstall, d'Escher Police leeft der héijer Unzuel vun Infraktioune säit Jore hannendrun. Et ass virun allem fir d'Awunner a fir d'Geschäftsleit ermiddend ee Strofdéider den Dag no senger Infraktioun erëm op d'Neies bei enger neier Strofdot ze erwëschen. Als Folge hu vill Mënschen zu Esch d'Vertrauen an d'Justiz ganz verluer a ruffen aus dësem Grond d'Police net méi. D'Strofdéiter selwer schéngen de Respekt virun der Justiz och komplett verluer ze hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, wéi vill Infraktioune sinn tëscht 2013 an 2019 an der Gemeng Esch/Uelzecht constatéiert ginn?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Déifstall?
   - Wéi vill Infraktioune betreffe Gewalt?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Drogenhandel?

2. Als Vergläich: Opgelëscht pro Joer, wéi vill Infraktioune sinn tëscht 2013 an 2019
   - op der Stater Gare,
   - zu Déifferdeng,
   - zu Péiteng, zu Dikrech,
   - zu Ettelbréck
   - an zu Wolz

   constatéiert ginn?

   - Wéi vill Infraktioune betreffen Déifstall?
   - Wéi vill Infraktioune betreffe Gewalt?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Drogenhandel?

3. J'ai dû passer au moins un millier d'appels aux autorités. Depuis un an et

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

demi, c'est de pire en pire. Les dealers s'installent, je les mets dehors, puis ils reviennent en me riant au nez. *(Auszuch aus engem Artikel aus dem L'essentiel 18ten Oktober 2018)*

Kann d'Regierung den Onmut an d'Frustratioun vun den Awunner a Geschäftsleit zu Esch novollzéien?

4. Consideréiert d'Regierung, dass d'Kriminalitéit zu Esch ausser Kontroll geroden ass?

5. Wat fir eng Mesure wäert d'Regierung ënnerhuele fir d'Sécherheet zu Esch a noer Zukunft ze erhéijen?

6. D'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet a Justiz haten de leschte Mëttwoch un enger Versammlung am Quartier Stater Gare deelgeholl fir mart den Awunner iwwert d'Kriminalitéit an der Rue de Strasbourg ze diskutéieren. Envisagéiert d'Regierung eng ähnlech Versammlung fir Esch? Falls jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 25 octobre 2019
Réf. N° QP-100/19

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 OCT. 2019

Objet : Question parlementaire n°1259 du 27 septembre 2019 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

116-000144-20041018-FR

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 OCT. 2019

Réponse de Madame la Ministre de la Justice Sam TANSON et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH à la question parlementaire n°1259 du 27 septembre 2019 de l'honorable Député Marc GOERGEN

De folgenden Tableau liwwert d'Äntwerten zu de Froen, déi an dësen zwee Punkte gestallt goufen. Allerdéngs muss een drop opmierksam maachen, dass:

- Déi Zuelen aus der offizieller Kriminalitéitsstatistik deene Limiten ënnerleien, wéi se an der alljährlecher offizieller Presentatioun vun de Statistiken erkläert ginn;
- Et nët konstruktiv ass, wann nët esouguer geféierlech, fir déi offiziell Statistiken ze diskutéieren an ze vergläichen, ouni Explicatiounen vun den Experten dozou ze kréien;
- D'Nomenclature an d'Zuele vun den eenzelen Infraktiounen aus den offiziellen Kriminalitéitsstatistiken vun der Police iwwerholl sinn;
- Fir Zuelen ze liwweren, déi matenee vergläichbar sinn, d'Joer 2019 net berücksichtegt ginn ass, well do nach keng Zuele virleien;
- Matt "Affaires drogues" den Total aus dem Drogenhandel, -konsum an –besëtz zesummegefaast ass.
-

Typ vun Infraktioun	2013	2014	2015	2016	2017	2018
Gemeng Esch						
Vols liés aux véhicules / autres vols	1118	1207	1087	977	1103	1226
Violences envers personnes	442	453	428	409	353	362
Affaires drogues	218	196	332	405	317	302
Gemeng Letzebuerg						
Vols liés aux véhicules / autres vols	5714	5417	4935	4913	5687	5086
Violences envers personnes	1070	1176	975	1052	1099	829
Affaires drogues	1526	2325	2867	1914	1056	1192
Gemeng Déifferdeng						
Vols liés aux véhicules / autres vols	310	274	285	324	295	309
Violences envers personnes	211	248	246	222	172	176
Affaires drogues	65	74	57	67	54	58
Gemeng Péiteng						
Vols liés aux véhicules / autres vols	178	275	302	355	284	600
Violences envers personnes	115	124	140	138	97	117
Affaires drogues	166	165	103	71	87	56
Gemeng Dikrech						
Vols liés aux véhicules / autres vols	176	147	145	170	149	151
Violences envers personnes	64	44	45	56	59	91
Affaires drogues	103	87	23	100	42	65
Gemeng Ettelbréck						
Vols liés aux véhicules / autres vols	234	222	221	258	230	175

Violences envers personnes	83	70	72	86	92	91
Affaires drogues	71	103	115	153	177	242
Gemeng Wolz						
Vols liés aux véhicules / autres vols	73	81	71	63	80	62
Violences envers personnes	36	34	59	34	28	43
Affaires drogues	15	19	34	22	29	63

D'Police huet an sengen offizielle Kriminalitéitsstatistiken nëmmen Zuelen bis op de Gemenge-Niveau a keng Opschlësselung no Quartieren oder Lokalitéiten. Fir kennen op d'question parlementaire ze äntwerten, huet d'Police fir de Garer Quartier eng opwenneg Recherche gemaach, wou d'Resultater am folgenden Tableau integréiert gi sinn. Allerdéngs dierfen déi Resultater nëmmen als Indikatioun geholl ginn an op kee Fall als offiziell Resultater gewäert ginn. Falls dat sollt erfuedert sinn, kann d'Police leider keng Zuelen liwweren:

Typ vun Infraktioun	**2013**	**2014**	**2015**	**2016**	**2017**	**2018**
Quartier Stater Gare						
Vols liés aux véhicules / autres vols	1748	1564	1405	1309	1384	1318
Violences envers personnes	365	373	312	316	312	211
Affaires drogues	1007	1230	1854	1159	593	633

Et muss een déi Zuelen aus den virleienden Tableaue an de richtege Kontext setzen, et kann een net einfach déi eenzel Gemengen oder Quartiere matenee vergläichen. Hei spillen eng grouss Zuel u Facteuren, wéi zum Beispill d'Bevëlkerungsdicht an –Zesummesetzung, déi geographesch Lag oder dat subjektiivt Onsécherheetsgefill bei der Bevëlkerung eng entscheedend Roll an erlaben et dowéinst net, déi eenzel Zuelen ouni weider Analys direkt mateneen ze vergläichen. Aus deem Grond ginn et momentan dann och keng objektiv Indicateuren, déi géingen drop hiweisen, dass zu Esch d'Kriminalitéit ausser Kontroll gerode wier, d'autant plus wou d'Tendenz bei den Zuelen, déi gefrot goufen, och éischter stabel ass, an d'Kriminalitéit an deene Beräicher demno net ausser Kontroll ass.

D'Police suivéiert déi objectif Kriminalitéits-indicateuren en permanence, a steet an enkem Kontakt mat de lokalen Autoritéiten fir och de sentiment subjectif d'Insécurité mat ze erfaassen. Doraus ergi sech fir d'Police d'Prioritéiten, an deene si muss schaffen, fir déi beschtméiglech Sëcherheet fir de Bierger ze garantéieren.

Fir an Zukunft nach besser den Besoinen vun de Bierger Rechnung ze droen, huet d'Regierung eng massiv Verstärkung vun dem Personal vun der Police an d 'Weeër geleet. Och d'Staat Esch gehéiert zu deene Gemengen, wou d'Kommissariater an Zukunft konsequent verstäerkt wäerte ginn.

D'Versammlung am Stater Quartier Gare war eng Initiativ vun der Staater Gemeng. Bis elo ass keng esou eng Ufro vun der Escher Gemeng un eis geriicht ginn.